

ZONE



AN DER GEMENG MÄERZEG
DANS LA COMMUNE DE MERTZIG



GEMENG MÄERZEG

MESURE GËINT D'GERENNS AN DEN 30ER-ZONEN

D'Gemeng Mäerzeg bried d'Chauffeure vun ALLE Gefierer d'Vitesselimitatiounen an de Stroossen ze respektéieren.

RESULTAT ËMFRO

Bei der Ausschaffung vum „Séchere Schoulwee“ huet eng Ëmfro bei de Schoulkanner an den Elteren erginn, dass d'Sécherheet an de Stroossen net garantéiert ass. Déi heefegst Aussoen:

- Et gëtt ze séier gefuehr;
- D'Automobiliste respektéieren d'Prioritéit vun de Foussgänger net.

D'Gemeng Mäerzeg reagiert

BERLINER KËSSEN

A verschidden 30er-Zonen huet d'Gemeng d'„Berliner Kësse“ (och nach „Gendarmes couchés“ genannt) installéiert, dëst nieft Anengungen op deene Plaze wou et méiglech wor.

BESCHËLDERUNGEN

Aktuell ginn adequat Beschëlderungen opge-riicht fir z'evitéieren, dass laanscht d'„Berliner Kësse“ gerannt gëtt. Do wou keng Plaz ass fir Schëlder opzerichte ginn Adaptatioune virgeholl, ewéi z.B. an enger Pente.

KOOPERATIOUN

D'Gemeng, a Kooperatioun mat der Stroossebauverwaltung an der nationaler Verkéierskommissioun, schaffe weider Moosnamen aus fir méi sécher Staatsstroossen am Duerfzentrum, esou wéi och an den An- an Ausgänger vun der Gemeng.

D'MESURE WIERKEN

Dës aktuell Mesuren hu positiven Uklang fonnt. D'Gemeng engagéiert sech fir weider Verbesserungen virzehuelen.

MESURES CONTRE LES EXCÈS DE VITESSE DANS LES ZONES 30

La Commune de Mertzig demande aux conducteurs de tout véhicule de respecter les limitations de vitesse dans les rues.

RÉSULTAT ENQUÊTE

Lors de la création du « Séchere Schoulwee », une enquête menée auprès des écoliers et des parents a révélé que la sécurité des piétons n'est pas garantie. Les problèmes les plus récurrents :

- la conduite est trop rapide ;
- les automobilistes ne respectent pas la priorité donnée aux piétons.

La Commune de Mertzig réagit

« GENDARMES COUCHÉS »

Dans les Zones 30, la Commune a installé des « Gendarmes couchés » où cela était possible.

SIGNALISATIONS

Actuellement, des signalisations adéquates sont installées pour empêcher de conduire à grande vitesse le long des « Gendarmes couchés ». Aux endroits où aucune signalisation ne peut être installée, des adaptations sont effectuées, par exemple dans les rues à forte pente.

COOPÉRATION

La Commune, l'Administration des Ponts et Chaussées et la Commission nationale de la Circulation routière analysent la possibilité de prendre des mesures supplémentaires sur les routes nationales et notamment dans la Rue principale et les entrées/sorties de la Commune.

MESURES EFFICACES

Les mesures prises ont été très bien accueillies. La Commune s'engage à réaliser d'autres propositions d'amélioration.



22, rue Principale L-9168 Mertzig
T 83 82 44 - 1 F 83 82 44 - 300
commune@mertzig.lu www.mertzig.lu



KlimaPakt
eng Gemeng engagéiert sech

